# ZU FRIBOURG STUDÉIEREN



# Inhaltsverzeichnis


**De Fribletz** 3

**Zu Fribourg studéieren** 4

Université de Fribourg 4

Umeldung op der Uni 5

Faculté des sciences de l'éducation et de la formation 6

Umeldung op der Facultéit 7

Haute École d'ingénierie et d'architecture (HEIA) 8

**Fribourg – Eng Stad mat villen Facetten** 9

**Zu Fribourg liewen** 10

Wunnen 10

Good to know 11

Gastronomie 13

**Aktivitéiten zu Fribourg** 14

**Aktivitéiten ronderëm Fribourg** 15

**Transport op Fribourg** 16

**Liewenskäschten** 18

# De Friblëtz

De Friblëtz ass de Lëtzebuerger Studentecercle zu Fribourg a representéiert d'Interesse vun de Lëtzebuerger Studentinnen a Studenten. De Cercle hëlleft den neie Lëtzebuerger Studentinnen a Studenten fir sech an d'Unisliewen z'integréieren. Mir informéieren déi zukünfteg Universitären iwwert d'Uni an d'Liewen zu Fribourg. Zënter 1996 si mir Member vun der ACEL.

Traditionell starte mir mat eisem Stammdësch an dem Opening Event an dat néit Unisjoer. Hei hunn déi néi Memberen d'Chance de Cercle an déi ustoend Aktivitéite kennenzeléieren. En éischte grousse Rendezvous ass d'Daf, wou eis ''Bleuen'' e ganze Mëtteg laang mat vill Spaass gedeeft gi. Des Weideren hunn mir awer am Laf vum Joer nach vill aner Eventer wéi: de Kleeschen, eis Beerpongturnéieren, de Schi-Weekend, verschidden sportlech Nomëtteger an den Nationalfeierdag beim Ambassadeur zu Bern.

Zousätzlech zu dësen méi groussen Evenementer organiséiert de Friblëtz wärend dem Joer nach vill aner méi kleng Aktivitéiten, wéi z.B. eisen Stammdësch, deen all Donneschden op enger anerer Plaz zu Fribourg stattfënnt. De genaue Planning fannt dir am Ufank vun all Semester op eise Social Media Reseauen.

D'Schwäizer Cerclen organiséieren dann och nach zesummen e Sportevent wat sech den ,,Swisscup'' nennt. Dëst ass e Sportstournoi, wou d'Cercle vu Lausanne, Zürech a Fribourg all Joers an den Disziplinne: Fussball, Volleyball, Basket a Vëlkerball géinteneen untrieden. Dëst Event fënnt all Joer an enger vun deenen 3 Stied statt.

Fir un all dësen Aktivitéiten deelhuelen ze kennen, muss du dir eng Memberskaart am Ufank vum Joer huelen. Dës kascht 30CHF fir e ganzt Joer. Wann s du awer nëmmen fir däin Auslandssemester bei eis kenns, da kanns du dir deng Memberskaart fir 15CHF huelen.

Joint éis iwwert den Link op eisem Insta fir keng Infoe ze verpassen

fribletz

www.fribletz.lu
comitefribletz@gmail.com

# Zu Fribourg studéieren

## Université de Fribourg

D'Univeristéit Fribourg ass 1889 gegrënnt gi an ass opgrond vun der Zweesproochegkeet an der Schwäiz eenzegaarteg. Dëst bitt vill Virdeeler fir d'Studenten, ënner anerem huet een d'Méiglechkeet en zweesproochegen Diplom ze maachen.

Obwuel d'Uni mat ronn 10.000 Student*innen net déi gréissten ass, bidden hir sechs Fakultéiten e grousse Choix u Studiegäng un. Déi sechs Fakultéiten sinn déi folgend:

- Faculté de théologie
- Faculté de droit
- Faculté des sciences économiques et sociales du management
- Faculté des lettres et des sciences humaines
- Faculté de sciences et de médecine
- Faculté des sciences de l'éducation et de la formation

Déi eenzel Studiegäng fir de Bachelor, Master an Doktorat an méi genau Informatiounen zu dëse Studiegäng fënns du um Site vun der Uni.

Déi kleng Unzuel u Student*innen dréit dozou bäi, dass ënnert de Studenten an de Dozenten eng agréabel a familiär Stëmmung herrscht. Ausserdeem ass d'Universitéit Fribourg Member vun der Bologna-Konventioun. Dëst ass e Bachelor a Master System, deen et dir erméiglecht, dass däin Diplom un all anerer Uni déi och Deel vun dëser Konventioun ass unerkannt gëtt.

Nieft dem Studium bitt d'Uni och e grousse Choix u Fräizäitaktivitéiten a Sport un. Mat der Sportcard kanns du un all hiren Aktivitéiten deelhuelen. Wann s du an de Fitness vun der Uni goe wëlls, muss de 100CHF dropleeë.

Universität Freiburg
Av. De L'Europe 20
CH-1700 Freiburg
+41 26 300 95 90
uni-info@unifr.ch
www.unifr.ch

UNI FR
UNIVERSITÉ DE FRIBOURG
UNIVERSITÄT FREIBURG

# Umeldung op der Uni

Fir sech op der Uni Fribourg umellen ze kënnen, muss een en <<Diplôme de fin d'études secondaires classique>> hunn. Wann een eng Sektioun A gemaach huet, soll een am Beschten eng Kéier bei der Uni nofroen ob deen Diplom fir de gewënschte Studiegang unerkannt gëtt. Umelle kann een sech entweder am Wantersemester oder am Fréijoorssemester:

**Wantersemester**: 1.Februar - 30.Abrëll
**Fréijoorssemester**: 1.September - 30.November

Wanns du dech allerdéngs no deene Perioden nach op der Uni Fribourg umëllen wëlls, da muss de eng <<inscription tradive>> maachen, déi allerdéngs speziell Konditiounen erfuerdert. Dëst kanns du ganz einfach op hirer Internetsäit noliesen.

D'Umeldung mëss du iwwert d'Internetsäit vun der Uni selwer. Fir dech unzemelle muss du frais d'inscription vun 100CHF* bezuelen. Ausserdeem brauchs du folgend Dokumenter:

- CV
- Kopie vum Pass oder der Carte d'identité
- Beweis dass de deng frais d'inscription bezuelt hues
- Premièresdiplom

No denger Umeldung kriss du vun der Uni d'Rechnung mat den Semestergebühren geschéckt. Déi leie momentan bei 985CHF*.

Wanns du dech awer nach méi genau iwwert d'Uni informéieren wëlls, dann ass et am Beschten wanns du op den Internetsite vun der Uni gees.





* Stand 2025

# Zu Fribourg studéieren

## Faculté des sciences de l'éducation et de la formation

D'Letzebuerger*innen hunn d'Méiglechkeet zu Fribourg eng Ausbildung fir Schoulmeeschter/Léierin fir d'Spillschoul an d'Primärschoul ze maachen. Dës Ausbildung kann een entweder op Däitsch, Franséisch oder Bilingue maachen.

Ab dësem Schouljoer (25/26) gehéiert d'PH/HEP zu der Universitéit a kritt do hir eege Fakultéit.

Ee grousse Virdeel vun dëser Ausbildung ass déi familiär Stëmmung an déi gutt Betreiung vun de Student*innen. Während dem gesamte Studium huet een e Mentor, deen ee begleet a fir all Froen d'Bezuchspersoun ass. Zousätzlech kritt een e „Gotti''. Dat ass e Student oder eng Studentin, den dir am Ufank vum Studium zougedeelt gëtt fir dir ze hëllefe dech anzeliewen an dir Froen zu de Kueren an zum Oflaf ze beäntwerten.

Nieft den theoretesche Kueren huet een de grousse Virdeel, all Semester ee Stage an enger Klass maachen ze kennen. Am Stage leiert een dat Theoretescht mam Prakteschen ze verbannen. Dës Stage si vu Virdeel, well een esou säin eegene Wee ka fannen an dobäi vun engem „Maître de Stage'' begleet an ënnerstëtzt gëtt.

Ee weidere Virdeel vun der Ausbildung ass, dass een ab dem 2. Joer säin Zyklus wiele kann. Et kann een also entweder déi Kleng (Spillschoul bis 2. Schouljoer) oder déi Grouss (3. bis 6. Schouljoer) wielen an huet doropshi verschidden ugepasste Kueren. Den Diplom deen een duerno kritt, ass allerdéngs generell an et kann een alles, vu Spillschoul – 6. Schouljoer, zu Lëtzebuerg ënnerriichten. Wann een dëse Studiegang ofschléisst, kritt een e „Bachelor of Arts en enseignement pour le degré primaire''.

Nom Bachelor besteet d'Méiglechkeet och nach ee Master-Ofschloss ze maachen.

Université de Fribourg
Faculté des sciences de l'éducation et de la formation
Rue P.A. de Faucigny 2
CH-1700 Fribourg
+41 26 300 6801
eduform@unifr.ch
https://www.unifr.ch/eduform/fr/

UNI FR
UNIVERSITÉ DE FRIBOURG
UNIVERSITÄT FREIBURG

# Umeldung op der Fakultéit

Fir sech op der Fakultéit umellen ze kënnen muss een eng Première Classique oder Générale gepackt hun. Mat der Sektioun A gëtt een normalerweis wéinst der Mathé net ugeholl (Ausnahm: Mathé als Zousazfach).

Am Géigesaz zu deene meeschten anere Studiegäng op der Uni, kann ee sech fir Joffer/Schoulmeeschter ze ginn, nëmmen am Wantersemester umellen.

**Wantersemester:** ab Mëtt November

D'Umeldung gëtt och iwwert e Site vun der Uni gemaach.
Fir dech unzemellen brauchs du normalerweis folgend Dokumenter:

- Casiers judiciares Nr. 3 & 5
- Kopie vum Premièresdiplom (déi kanns du bis Ufank Juli noreechen)
- Kopie vum Pass oder vun der Carte d'identité
- Beweis dass de deng frais d'inscription bezuelt hues

Wanns du dech bis ugemellt hues, muss de 100CHF frais d'inscription bezuelen. Mir roden un dëst esou séier wéi méiglech ze maachen.

D'Semestergebühren leie fir d'Schouljoer (25/26) bei 985CHF* pro Semester. Doduerch dass d'Uni an d'PH am Summer fusionéiert sinn, wäert fir d'Lëtzebuergesch Student*innen de Präis d'selwecht si, wéi fir déi aaner Student*innen op der Uni.

Fir méi genee Detailer zur néier Fakultéit ze kréien, hues de awer nach ëmmer am Beschten op hir Internetsäit ze goen.





* Stand 2025

# Zu Fribourg studéieren

## Haute École d‘ingénierie et d‘architecture (HEIA)

Zu Fribourg gëtt et och d´Méiglechkeet sech op der HEIA unzemellen. D‘HEIA ass eng Héichschoul, déi alles ronderëm d‘Thema Technik an Architektur ubitt. De Studium kanns du entweder zweesproocheg oder op Franséisch mat eenzelen Däitschcoursen maachen.

Op der HEIA hues du d‘Méiglechkeet 6 verschidden Studiegäng ze maachen:

- Architektur
- Chemie
- Bauingenieurwesen
- Elektrotechnik
- Maschinentechnik
- Informatik und Kommunikationssysteme

D‘Umeldung op der HEIA leeft iwwert hir Internetsäit. Wanns du dech op der HEIA umells, muss du 150CHF frais d‘inscription bezuelen. D‘Semestergebühren leien momentan ongeféier bei 600CHF*. Dozou kommen allerdéngs nach Zousazkäschten, déi vu Studiegang zu Studiegang variéieren kennen.

Fir méi genau Informatiounen ze kréien, kanns du dech ganz einfach op der Internetsäit vun der HEIA informéieren.



Hochschule für Technik und Architektur Freiburg
Pérolles 80
CH-1700 Freiburg
+41 26 429 66 11
info@hefr.ch
www.heia-fr.ch

HEIA-FR
HTA-FR

* Stand 2023

# Fribourg – Eng Stad mat villen Facetten

Fribourg gouf am Joer 1157 vum Berthold IV, Graf vun Zähringen gegrënnt. No enger historescher Geschicht ënnert verschiddenen Dominatiounen, gehéiert Fribourg zënter 1481 der Schwäizer Confederatioun un.



Ënnert dem Berthold IV ass Fribourg befestegt ginn. Aus dëser Zäit ginn et nach ëmmer Tiermercher, Maueren a Portaler, déi vill zum Charme vun der Stad bäidroen. D'Stad Fribourg besteet aus zwee Deeler:

D'Alstad an déi nei Quartieren, déi ronderëm d'Alstad lues a lues op den Héichte gebaut goufen. Dës zwee Deeler vun der Stad hu wéineg gemeinsam. D'Alstad, déi am Dall läit, huet nämlech hire mëttelalterleche Charakter net verluer: gotesch Gebaier, wéineg Hektik a wéineg Autoen, eng gemittlech Ambiance an de Bistroen an op den Terrassen, kleng flott Butteker, moleresch Brécken a schmuel Gaassen. Am Géigendeel dozou entsprécht d'Uewerstad éischter enger ganz normaler moderner Stad mat hirer dagdeeglecher Hektik.

Fribourg gehéiert zwar offiziell zum franséischsproochegen Deel vun der Schwäiz, mee opgrond vu senger geographescher Lag op der Grenz zur Däitschschwäiz, kann een d'Stad als zweesproocheg bezeechnen.

Dës Sproochegrenz nennen d'Schwäizer och nach de „Röstigraben". Den hellege Kleeschen ass Patréiner vun der Stad. D'Kathedral, déi him geweit ass, gouf tëschent dem 13. an dem 17. Joerhonnert gebaut. Aus Geldmangel krut hire 76 Meter héijen Tuerm keen Daach.

| | |
|---|---|
| Kanton: | Fribourg |
| Sprochen: | Franséich an Däitsch |
| Awunnerzuel: | 40.000 |
| Studenten: | 10.000 |
| Héischt: | 610 M. ü. M. |

# Zu Fribourg liewen

## Wunnen

### WG

Sech fir eng WG ze entscheeden ass sécher déi bëllegst Aart a Weis fir ze wunnen. E grousse Virdeel vun enger WG ass, dass een e gemeinsaamt Liewen feiere kann an sech net eleng fillt. Zousätzlech sinn d'Käschten hei net esou héich wei wanns du eleng wunne géiffs. De Loyer an enger WG läit têschent 350CHF an 700CHF.

### Eleng Wunnen

Eleng ze wunnen huet de grousse Virdeel, dass ee vill méi seng Rouh huet wéi wann een an enger WG wunnt. Hei ass een net oofhängeg vu senge Matbewunner*innen a ka säin Alldag onoofhängeg vun anere Leit gestalten. En Nodeel vum eleng wunnen ass allerdéngs dass de Loyer vill méi deier ka sinn. D'Präiser leie momentan hei têschent 800CHF an 1200CHF.

Fir eng Wunneng oder eng WG ze fannen, hues du verschidde Méiglechekeete:

**Apartis:** Heibäi handelt et sech em eng Organisatioun, déi hir WG-Zëmmeren a Wunnengen nëmmen u Student*innen verlounen.

www.apartis.swiss

**Facebook Grupp:**

<<Students Fribourg 2025-2026>>

**Internetsaiten:**

www.agef.ch www.wgzimmer.ch

Zousätzlech zu dësen dräi Méiglechkeete gëtt et nach eise Grupp <<Random>> op Whats App, wou heiansdo Wunnengen oder WG-Zëmmeren dragesat gi, déi fräi gi.

### Wichteg

Vill Proprietären an der Schwäiz fuerderen e << Schwäizer Garant>> als Bierg fir deng Wunneng. Well d'Lëtzebuerger déi Méiglechkeet awer net hunn, kanns du hinne virschloen eng Kautioun ze hannerleeë (z.B. bei First Caution). Fir méi genau Detailer kanns du dech gären beim Friblëtz mellen.

# Zu Fribourg liewen

## Good to know

### Ausländerausweis (permis de séjour B)

Den Ausländerausweis ass obligatoresch fir all auslännesche Student. Nëmmen mat dësem dierf een sech legal an der Schwäiz ophalen. Dësen muss och all Joers erneiert gi. Am einfachsten ass et wanns du schonn eng Wunneng hues, befiers du de Permis ufrees. Fir deng Demande brauchs du ausserdeem folgend Dokumenter:

- Aschreiwungsbestätegung vun der Uni
- Kopie vum Pass
- Passfoto

D'Demande vun dengem Permis muss du spéitstens 14 Deeg no denger Arrivée zu Fribourg ageschéckt hunn. Duerno schécken si der en Ziedel mat engem Rendezvous, wous du op den Büro vum zoustännegen Service goe muss. Däin Permis gëtt dir dann duerno per Post zougestallt. Wichteg: Och eng Adressännerung muss een dem zoustännegen Service mellen.

Fir wieder Informatioune kanns du dech op folgendem Site informéieren:

https://www.sem.admin.ch/sem/fr/home/themen/aufenthalt/eu_efta/ausweis_b_eu_efta.html

E klengen Tipp vun eis fir d'Kierchesteier ze ëmgoen, ass, dass du bei denger Relioun <<athéiste>> oder keng hischreiws.

### Serafe

All Resident an der Schwäiz muss eng Tax fir d'Tele an de Radio bezuelen. D'Serafe schéckt dir do e Bréif wanns du dech bis an denger Gemeng ugemellt hues. Dës Tax muss eemol am Joer pro Haushalt bezuelt gi. De Präis dofir läit momentan bei 335CHF*.

### Taxe non pompier

Ab 21 Joer muss jiddereen, deen net an der Schwäiz an den Pomjeeën ass, déi Tax bezuelen. Déi läit bei 160CHF* d'Joer. Dës kanns du awer ëmgoen, andeems de hinne soubal däi Bréif do ass, eng Studiebestätegung schécks, wou si gesinn, dass du Student bass.

* Stand 2025

# Zu Fribourg liewen

## Transport zu Fribourg

Zu Fribourg kanns du usech de gréissten Deel zu Fouss oder mat engem Vëlo maachen. Wanns du et allerdéngs méi bequem wells hun, da fueren natierlech och Busser. Am Dag kriss du ongeféier all 10 Minutten en Bus. Du kanns entweder en eenzelnen Ticket huelen oder wanns du den Bus mei oft hëls en Abo fir eng bestëmmten Zon.

Wichteg ze wëssen ass, dass de Kanton Fribourg a verschidden Zonen ënnerdeelt ass. Fribourg befënnt sech an der Zon 10. Wanns du also méi wäit wéi nëmmen zu Fribourg fiers, gëtt den Ticket mei déier. Bei den sougenannte <<Frimobil>> Abonnementer gëtt et en Tarif fir Jugendlecher (6-25 Joer). Ausserdeem kanns du tëschent engem Wochen-, Monats- oder Jahresabonnement auswielen.

Fir méi Informatioune kanns du dech op d'Internetsäit vum Frimobil beginn.

www.frimobil.ch

## Umellen op der Gemeng

Grad wéi beim Permis ass et wichteg, dass du dech innerhalb vun deenen éischte 14 Deeg no denger Arrivée zu Fribourg op der Gemeng umells. Dofir muss du op de Büro vum <<Contrôle des habitants>> goen. Du brauchs folgend Dokumenter:

- de Pass oder d'Carte d'identité
- däin Permis de séjour B (oder de Beweis dass du deng Demande gemaach hues)
- deng Krankekeesskaart
- dai <<contrat de bail>> oder de <<formulaire de colocation>>
- 20CHF*

## Bankkonto

Wanns du bis eng Openhaltserlabnis an eng Wunneng hues, da kanns du dir e Kont op enger Schwäizer Bank opmaachen. Verschidde Banke bidden de Student*innen e Studentenkonto un, d.h. dass du bei dëse Banken keng <<frais de compte>> bezuele muss an deelweis och eng gratis VISA/Mastercard kriss. Mir hun dir e puer Banke zesummegesaat, wous du däi Kont opmaache kanns: *Post Finance, Schweizer Kantonalbank, UBS*. Dëse Kont ass virun allem praktesch fir deng Rechnungen a Schwäizer Frang bezuelen ze kennen.

* Stand 2025

# Zu Fribourg liewen

## Gastronomie



Fir **Schwäizer Spezialitéiten**, wéi z.B. eng Kéisfondue oder Raclette, sinn d'Restaurante *La Clef* an den *Café du Midi* déi richteg Adressen.

Fir **italienescht Iessen** gëtt et de *San Marco*, de *Molino*, de *Luigia* an den *Imprévu Café*.

Wanns du däi **Burger** net aus dem McDonald's oder dem Burger King wëlls, da kanns du an den *Café Populaire*, den *Holy Cow*, den *Cyclo Café oder* an den *L'Artisan* goen.

Fir e **Kebab** iessen ze goen kanns du z.B. an den *Le 83,* den *Secret Spot* oder an den *Snack Berfin* goen.

Deen beschte **Brunch** kriss du dann all Samschden a Sonnden am *Les Trentenaires*.

Fir e puer Stonnen ënner Kolleegen ze verbréngen, kann een an ee **Cafée** goen. Dofir kann een an eisen Stammcafé, den *L'Éclectique* (ancien Piccadilly) goen, wou een déi beschte Gedrénks vu Fribourg kritt.

En Highlight bei guddem Wieder ass den *Le Belvédère* mat senger sensationeller Terrass, wou een eng moleresch Vue op d'Alstad vu Fribourg huet.



# Aktivitéiten zu Fribourg

## HC Fribourg-Gottéron

E wéidert Highlight zu Fribourg sin ganz sécher d'Matcher vun der Äishockey Equipp Fribourg-Gottéron. De Veräin deen 1937 gegrënnt gouf spillt fir de Moment an der Schwäizer Nations League.
Den eemoolege Meeschter a fënnefmoolege Vizemeeschter dréit seng Matcher an der BCF Arena zu Fribourg aus. Vill vun de Lëtzebuerger Student*innen si reegelméisseg bei hire Matcher dobai fir si ze ënnerstëtzen. Déi aussergewéinlech Stëmmung mécht dëst Evenement esou speziell. Déi bëllegste Plaze kritt een als Jugendlechen dann och schon fir 19CHF*.

## Fribowling

Net vergiessen däerf een de Fribowling, deen am Zentrum vu Fribourg ze fannen ass. Hei kann ee Bowling, Lasergame awer och Billard an aner typesch Spiller, déi een op esou enger Plaz fënnt, spillen. Beim Fribowling befënnt sech dann och den Friscape, bei dem et sech ëm en Escape Room handelt.

## Soiréeën

Och wann et zu Fribourg net all ze vill Clibb gi, huet ee mam Mythic an dem Fri-Son zwou Plaazen op denen ee reegelméisseg mat senge Kolleege feieren a sech amüséiere kann.

## Summer

Am Summer huet een zu Fribourg direkt e puer Méiglechkeete wéi ee vun deem gudde Wieder profitéiere kann. Eng eicht Méiglechkeet ass d'Irish Wiss am Zentrum vu Fribourg. Eng aner Méiglechkeet ass d'Motta Schwemm ënnen an der Alstad. Déi läscht a warscheinlech flottste Méiglechkeet zu Fribourg selwer sinn d'Wissen an der Alstad, déi laanscht de Floss <<Sarine>> leien.

## Schlöfle

Am Wanter kanns du dann och vun den Halen bei der BCF Arena profitéiere fir selwer e puer Ronne mat de Schlittschong um Äis ze dréinen. Den Entrée fir dës Aktivitéit läit fir Student*innen déi zu Fribourg wunnen em déi 5CHF*.



* Stand 2024

# Aktivitéiten ronderëm Fribourg

## Wanderen

Ronderëm Fribourg léien eng Partie Plaazen wou ee schéi wandere goe kann. Nieft den Trëppeltoure ronderëm d'Staat Fribourg fënnt een e bëssi méi wäit awer och d'Bierger. En éischt Highlight befënnt sech nëmme 25 Minutte vu Fribourg fort. Heibäi handelt et sech em de Bierg ,,La Berra''. Ausserdeem fënnt een an der Ëmgéigend vu Fribourg nach de Schwarzsee, wou ee wieder schéin Trëppeltoure maache kann. Och de Schwarzsee läit net méi wéi 35 Minutte mam Auto vu Fribourg fort. E bëssen méi wäit ewech fënnt een dann nach d'Jungfrau Regioun, déi sech am Summer och fir schéin Wanderungen ubitt.

## Séier

An engem Ëmkrees vu 45 Minutte mam Auto fënnt een eng Partie Séier bei deenen een sech néierloosse kann. Dëst sinn de Lac de la Gruyère, Lac de Neuchâtel, Bielersee, Genfersee, Murtensee, Schwarzsee an den Thunersee. E weidert Highlight ass den Oeschinensee, deen sech zu Kandersteg befënnt. Dëst läit 1h15 vu Fribourg fort.

## Stied

Mam Zuch ass ee vu Fribourg aus dann och séier an e puer flotten a méi grousse Stied. Mat engem maximum vun 1h30 kann een hei folgend Stied ereechen: Basel, Bern, Lausanne, Luzern an Zürech. Am Wanter kann een an de genannte Stied och wonnerschéi Chrëschtmäert besichen.

## Schi a Snowbard

De gréisste Virdeel vu Fribourg ass, dass een am Wanter séier a villen Schigebidder ass. Am Ëmkrees vun ongeféier 40 Minutte fënnt een direkt zwee méi kleng awer flott Schigebidder. Dëst sinn de Schwarzee a Charmey. Wann een awer an e bëssen méi e grousst Schigebitt well, befannen sech am Ëmkrees vun 1h30 mam Auto d'Gebidder Adelboden-Lenk, Grindelwald-Wengen, Gstaad, Les Diablerets a Leysin. Eng Partie Membere gi Weekends reegelméisseg fueren a bilden dofir ëmmer Fuergemeinschaften.




# Transport op Fribourg

## Auto

Am bäschten kënnt een mam Auto op Fribourg. Fribourg läit ongeféier 500km vu Lëtzebuerg ewech an et brauch een 4 ½ bis 5 Stonnen. Am bëschten fiert een iwwer Strossbuerg, Basel a Bern (dës Streck kascht ronn 20€ Péage). Wanns du an der Schwäiz mat engem Auto fuere wëlls, muss du eng Vignette vun 40CHF bezuelen. Dës ass ëmmer wärend engem Joer bis den 31.Januar vum folgende Joer gülteg.

## Eegenen Auto an der Schwäiz

Soubal een an der Schwäiz ugemellt ass, däerft een nach ee Joer laang mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin an der Schwäiz fueren. No engem Joer ass de Führerschäin an der Schwäiz net méi gülteg. Dann hues du folgend Méiglechkeet:

### Bewilligung zum Benutzen eines unverzollten Fahrzeuges

Dëst muss du bei der Douane ufroen. Wanns du ugëss, dass du op mannst zwee Mol de Mount zeréck op Lëtzebuerg fiers, kriss du dat an der Reegel och geneemegt. Den Auto muss allerdéngs op dech (nët op en aanere Familljemember) ugemellt sinn, soss geet dat ganzt net. Fir dat unzefroen brauchs du folgend Dokumenter:

- däi Pass / dëng Carte d'identité
- Pobeiere vum Auto (gro Kaart)
- Certificat de scolarité
- däin Auslännerausweis (permis de séjour B)
- Certificat de résidence vu Lëtzebuerg
- Contract de location vun denger Wunneng
- CHF 25.-

Wann dëst bis gemaach ass, brauch een nach eng Geneemegung fir mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin an der Schwäiz fueren ze kënnen. Dës Demande gett vun der Douane und d'Strassenverkehrsamt virugeleet, vun deem een déi entspriechend Pobaieren zougeschéckt kritt. Do muss du dann nach eng Kéier 120 CHF bezuelen. D'Autorisatioun kriss du dann heemgeschéckt an muss déi zu all Moment bei dir hunn.
Wichteg ze wëssen ass, dass een an der Schwäiz just nach sëlwer op deem Auto fueren däerf! Fir méi Informatiounen kanns du op dës Internetsäit goen:

www.strassenverkehrsaemter.ch

# Transport op Fribourg

### Matfuergeleeënheeten

Et fueren reegelméisseg Leit mam Auto tëschent Lëtzebuerg a Fribourg hin an hir. Fir eng Matfuergeleeënheet ze fannen kanns du dech an eisem Whats App Grupp **<<FriMobility>>** mëllen oder nokucken ob nach een eng fräi Plaz ubitt.

## Zuch

Eng aner Méiglechkeet fir an d'Schwäiz ze kommen ass mam Zuch. Zweemol den Dag (Méindes-Samschdes) fiert zu Lëtzebuerg op der Gare en TGV fort, deen dech bis op Mulhouse bréngt. Vun do aus hëls du dann en Zuch op Basel a vu Basel geet et wieder iwwer Bern bis op Fribourg. Dësen Trajet dauert normalerweis 5 maximal 6 Stonne. Sonndes ass et e bësse méi kompliżéiert fir mam Zuch op Fribourg ze kommen, wëll d'Korrespondenze manner gutt sinn. Hei rode mir dir u vu Metz aus iwwer Stroossbuerg, Basel a Bern op Fribourg ze kommen. Bei dësem Trajet sinn et dann ongeféier 6h bis een zu Fribourg ukënnt.

Well d'Zuch fueren ouni <<Cartes de réduction>> séier zimmlech deier ka gi, rode mir dir folgend Abonnementer u:

| Numm vum Abo | Präis vum Abo |
|---|---|
| **Carte Avantage Jeune SNCF**<br>(bis 25 Joer, Frankräich) | 49€ / Joer |
| **Carte fluo SNCF**<br>(bis 26 Joer, Frankräich) | 1€ / Joer |
| **Halbtax Abo**<br>(bis 25 Joer, Schwäiz) | 120CHF (dat éischt Joer)<br>100CHF (fir all weidert Joer) |

Fir des Rees hues du am Beschten deng Tickets op zwou verschidden Internetsäiten ze kafen:

- Lëtzebuerg / Metz – Basel (www.sncf-connect.com)
- Basel – Fribourg (www.sbb.ch)

## Bus

Eng läscht Méiglechkeet fir op Fribourg ze kommen, ass eng Kombinatioun aus Bus an Zuch. De Flixbus fiert reegelméisseg tëschent Lëtzebuerg a Bern. Vu Bern aus muss du dann e Linnebus bis op d'Gare huelen a vun do aus den Zuch bis op Fribourg. Fir méi genau Informatiounen zum Flixbus, kanns du op hiir Internetsäit goen:

www.flixbus.ch

# Liewenskäschten

D'Liewenskäschten zu Fribourg sinn extreemst variabel. Alles hänkt e bësse vum eegene Liewensstil of (Wunneng, Verpflegung, Fräizäitaktiviteiten, asw.). Wat d'Verfleegung ugeet hues du zu Fribourg vill verschidde Méiglechkeete fir akafen ze goe: *Aldi, Coop, Denner, Lidl, Manor, Migros*. Fir déi normal Poubelle brauchs du extra Tuuten, déis du an de virdrun opgeléschte Butteker kafe kanns. Mëttwochs a Samschdes gëtt et zu Fribourg jeweils e Maart wou ee frësch Uebst a Geméis mee och Kéis an aner Liewensmëttel kafe kann.

Mir hunn dir eng Tabell zesummegestallt, wous du gesäis mat wéi vill dass du ongeféier pro Mount rechne kanns:

| Wat? | Wéi vill? |
|---|---|
| **Wunneng** | 350 CHF - 1200CHF |
| **Verfleegung** | 250CHF – 500CHF |
| **Internet** | +/- 50CHF |
| **Fräizäitaktivitéiten** | 150CHF – 200CHF |
| **Transport zu Fribourg** | +/- 50CHF |
| **Transport op Fribourg / Lëtzebuerg** | 20CHF – 100CHF |

Zousätzlech zu dëse Käschte kommen nach zwee Mol am Joer d'Semester- souwéi d'Prüfungsgebühren. Déi hänken vum ausgewielte Studiegang of. Dobäi kënnt dann och nach d'Material oder d'Zousazcoursen déis du fir déi eenzel Studiegäng brauchs. Dofir kanns du dech entweder um Site vun denger zukünfteger Uni informéieren oder dech beim Friblëtz mëllen.

Dobäiziele muss een dann och järlech Ausgaben wéi den permis de séjour, d'Serafe, d'Stroum an d'Energiekäschten oder d'taxe non pompier.

## Bourse / Prêt

Fir all dës Käschten ze decke, kriss du all Semester vum Lëtzebuerger Staat eng Bourse a vun denger Bank e Prêt. Fir erauszefanne wéi vill dir zur Verfügung steet, hues du folgend Méiglechkeet: Du gees op d'Internetsäit www.mengstudien.public.lu a mëss eng Simulatioun. Wanns du duerno trotzdeem nach Froen hues, kanns du dech gäre beim Friblëtz mellen.

# E grousse Merci un eis Sponsoren!

UNI FR
UNIVERSITÉ DE FRIBOURG
UNIVERSITÄT FREIBURG

CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG
POWERING BUSINESS

DEPUIS 1764
BOFFERDING

SOPINOR

RALPH WEIS OPTICIEN

ACEL
de Studentevertrieder

SPUERKEESS

# Wourop waarts de nach?

